PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°2176 hat ech de Mëttelstandsminister gefrot, wéi d'Plattform *Letzshop* sech wärend dem éischte Lockdown entwéckelt huet. De Minister hat verschidden Zuele geliwwert, déi weisen, datt d'Plattform wärend der Kris ee grousse Sprong no vir gemaach huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Geschäfter hunn sech, opgelëscht no Gemeng, zënter der leschter Äntwert vum Minister op Letzshop ageschriwwen? Wéi vill Geschäfter hunn sech an Tëschenzäit erëm ofgemellt?

2. Wéi vill Produite ginn aktuell op Letzshop ugebueden? Wéi huet sech dës Ziffer zënter der leschter Äntwert entwéckelt?

3. Wéi vill Klicks goufen an de leschte Méint gezielt? Wéi huet sech dës Ziffer zënter der leschter Äntwert entwéckelt?

4. Huet sech de positiven Trend vun der Plattform bestätegt a wäert d'Plattform an Zukunft seng Benotzerzuele kënne bäibehalen oder weider kënnen ausbauen?

5. Wäert d'Plattform ëm iergendwellech nei Funktiounen erweidert ginn?

6. Ass virgesinn, datt am Fall, wou Letzshop sech definitiv um Marché etabléiert, de Staat sech aus dësem Segment wäert erauszezéien, domat d'Plattform no de Prinzippie vum fräie Marché (ouni de Finanzement vu Steiergelder) funktionéiere kann?
   - Falls jo, wéi eng Indicateure mussen dofir erreecht ginn?
   - Falls nee, wéi ass envisagéiert, datt kleng Start-ups d'Chance kréie mat Letzshop op engem Level Playing Field ze konkurréieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député